

Wat déi eenzel Konventionen ubelaangt, esou erspueren ech lech e laangt an technesch Duerchféieren duerch déi eenzel Artikelen. Dësen Exercice hu mer minutiös an der Kommissioun gemaach. Ech soen der Kommissioun och dofir Merci, fir déi konstruktiv Mataarbecht an dëse Sëtzen. Déi dräi Konventiounen goufen unanime vun der Santé- a Sécurité-sociale-Kommissioun approvéeiert an och de Statsrot hat kee Problem säin Aval ze ginn.

Erlaabt mer dofir lech kuerz ze informéieren iwwert déi Haaptpunkten, déi an de Konventionen ermëzefanne sinn. Dës Konventiounen garantéieren am Beräich vun der sozialer Sécherheet deene Leit bestëmmte Rechter, déi sukzessiv oder alternativ der Législatioun vun deenen ënnerzechnende Länner ënnerstallt waren. Si beinhalte geregelt Rechter a Prinzipien an de Beräicher vun der Assurance maladie-maternité, Assurance accidents du travail et maladies professionnelles, Alters- an Invalidépensioun, esou wéi Hannerbliwwenepensioun, awer och Chômage a Familljeprestatiounen. Ausgeschloss dovun sinn Assistance sociale a Prestatiounen fir Krichs-affer.

An dem Rapport fannt Der an deenen eenzelnen Artikelen d'Detailer an d'Explikatiounen zu dësen dräi Ofkommessen.

Ofschléissend soen ech lech Merci fir Äert Nolauschteren an ech géif am Numm vun eiser Fraktioun gréng Luucht ginn, fir déi dräi Projeten hei ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Voilà, et ass kee Riedner ageschriwwen zu dëse Projeten, dofir si mer um Enn vun der Debatt. Wëllt d'Regierung nach eppes bäifügen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, no deem exzellente Rapport vum Här Schneider, freeën ech mech just driwwer, dass mer déi dräi Konventionen hei an esou enger grousser Unanimitéit kennen iwwert d'Bühn bréngen. Ech wëll lech just ukënnegen, dass mer viru ganz kuerzer Zäit ähnlech Konventiounen mat Rumänien a Bulgarien ënnerschriwwen hunn an dass mer deemnächst och déi Konventiounen kënnen ratifizéieren, an dass eng ähnlech Konventioun geschwéiert wäert signéiert gi mat Marokko.

Ech soen lech Merci fir déi gutt Aarbecht, och an der Kommissioun, a méi ass dozou net ze soen.

Merci villmools.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5308.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5308 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Martine Stein-Mergen), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Fernand Diederich), MM. Ben Fayot, Jean-

Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par Mme Lydia Mutsch);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5326.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5326 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Martine Stein-Mergen), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par Mme Lydia Mutsch);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5341.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5341 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Martine Stein-Mergen), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-

Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Anne Brasseur), Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass dann esou decidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Projet, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5393, een EU-Ofkommes iwwer Persounen, déi a Krichsgebiddere operéieren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Goerens an den Här Fayot. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Hauptert. Här Hauptert!

4. 5393 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne concernant les demandes d'indemnités présentées par un État membre à l'encontre d'un autre État membre en cas de dommages causés aux biens lui appartenant, qu'il utilise ou qu'il exploite, ou de blessure ou de décès d'un membre du personnel militaire ou civil de ses services dans le cadre d'une opération de gestion de crises menée par l'Union européenne, fait à Bruxelles, le 28 avril 2004

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Norbert Hauptert (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5393 gesäit d'Approbatioun vun engem Accord vir, deen déi europäesch State geholl hunn am Kader vun der gemeinsamer Sécherheets- a Verdeedegungsolitik. Dir wësst, dass sech déi europäesch gemeinsam Sécherheets- a Verdeedegungsolitik an deene leschte Jore gewaltig entwéckelt huet.

Säit den Accord vu Petersberg huet d'Europäesch Unioun sech am Kader vun der Sécherheets- a Verdeedegungsolitik dräi Missionen operluecht: Éischstens, d'Gestioun vu militäresche Krisen an Europa, zweetens, d'Gestioun

vun zivile Krisen an Europa, an drëttens, d'Preventioun vun deene Krisen. Fir dës Missiounen meeschten ze kënnen, muss d'EU engersäits iwwer autonom Aktiouns-capacités verfügen, an anersäits müssen déi dernief vum enger zouverlässeger Arméi ënnerstëtzt kënnen ginn.

m Europäesche Conseil vun Helsinki haten déi europäesch Stats- a Regierungschefen sech als Objektiv fixéiert, dass bis d'Joer 2003 déi europäesch State capabel misste sinn, bannent 60 Deeg eng Arméi bis zu 60.000 Mann bereetstellen ze kënnen. Haut ass d'EU an der Lag, d'Missiounen am Beräich vum Krisenmanagement am Kader vun hirer gemeinsamer Sécherheets- a Verdeedegungsolitik ze meeschten.

Dës Missiounen sinn awer net ouni Risiko. D'Material, wat zum Asaz kënn, kann derbäi beschiedegt ginn, Persounen kënnen zu Schued kommen, si kënnen verletzt ginn oder souguer an de Missiounen leie bleiwen. Hei stellt sech d'Fro vun der Responsabilitéit a vun der Entschiedegung.

Fir dass déi Missiounen awer esou ausgeféiert kënnen ginn, ouni dass permanent ee Land dat anert op Schuedenersatz muss usichen, hunn déi europäesch Staten eng Konventioun ausgeschafft, an där se esou wäit wéi méiglech op Entschiedegungsanträge verzichten, wann et sech ëm Schied, also Accidenter handelt, déi tëschent Persounen oder Material aus Memberstaten am Kader vun dëse Missiounen kënnen geschéien an déi an engem Drëttland oder um Mier erlidde ginn.

(Coups de cloche de la Présidence)

De Prinzip vun der Konventioun ass dee vun der Renonciatioun vun esou Entschiedegungsanträge, et sief et kéint een eng grave Noléissegkeet oder en absichtleche Fehler noweisen.

Den Artikel 1 vun der Konventioun bestëmmt d'Persounen, déi duerch den Accord betraff sinn.

Den Artikel 2 definéiert de Kader an deem den Accord zoutréfft, dat heescht d'Virbereedung an d'Ausféierung vun de Missiounen. Si müssen och ausserhalb vum Territoire vun der Europäescher Unioun stattfannen.

Den Artikel 3 hält de Prinzip vun der Renonciatioun op eng Demande op Schuedenersatz fest, mat Ausnahm, wéi schonns ernimmt, wann et sech ëm eng grave Négligence oder eng „faute intentionnelle“ handelt.

Den Artikel 4 definéiert déi Fäll an deenen d'Renonciatioun spilt.

Den Artikel 5 schreift vir, dass an anere Fäll wéi déi, déi am Artikel 4 bestëmmt sinn, et zu Schuedenersatz ka kommen, dass dann d'Responsabilitéit vun dem Stat an de Betrag vum Schued duerch Négociatioun tëschent deenen zwee Länner bestëmmt gëtt. Wann de Schued méi niddereg ass wéi 10.000 Euro, verzicht de Stat op Schuedenersatz.

Den Artikel 6 reservéiert awer Drëttpersounen, déi am Kader vun engem Contrat de location oder soss engem Kontrakt engem Land fir déi Missiounen e Gefier zur Verfügung gestallt hätten...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Entschëllegt emol, ech wëll eppes soen. Et ass fir e Rapporteur relativ schwéier, wann d'Geräich vun den Handyen, d'Geraschels vun den Zeitungen an d'Gesprécher heibanne bal méi haart si wéi dat, wat de Rapporteur op der Tribün seet. Duerfir géif ech ëm e bëssen Disziplin bidden!

M. Norbert Hauptert (CSV), *rapporteur.*- Ech schwätzen awer ganz haart, Här President, esou

dass ech mengen, dass jiddfereen et misst héieren. Mä ech soen lech awer Merci.

M. le Président.- Et gehéiert sech awer net!

M. Norbert Hauptert (CSV), *rapporteur.*- Voilà. Den Artikel 6 reservéiert also Drëttpersounen, déi iwwer e Contrat de location engem Land e Gefier zur Verfügung gestallt hunn, wann un dat Gefier géeng iergendwéi e Schued kommen, dass déi awer d'Recht op eng Demande op Schuedenersatz hätten.

Den Artikel 7 gesäit vir, dass am Fall vun Differenzen tëschent zwee Länner den Arbitrage spilt. Den Accord gesäit keng Dispositioun vir am Fall vun enger Demande op Schuedenersatz, déi vun engem Drëttland, an deem zum Beispill d'Missiounen ausgeféiert ginn, gestallt géeng ginn. D'Considérant vum der Konventioun weisen op spezifesch Accorden hin, déi mat deene Länner missten ofgeschloss ginn.

Den Article unique vum Projet gesäit d'Approbatioun vun der Konventioun duerch de Lëtzebuerger Législateur vir.

De Statsrot mécht a sengem Avis e puer Bemerkungen zur Konventioun selwer. Hien huet awer keng Bemerkungen zum Projet gemaach. D'Kommissioun huet de Projet an d'Konventioun diskutéiert a si proposéiert dem Parlament fir dee Projet hei ze stëmmen. Ech bréngen och domat den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Hauptert. Den Här Goerens.

Discussion générale

M. Charles Goerens (DP).- Här President, ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Den Här Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, no deem exzellente Rapport vum Här Hauptert bleift mer näischt derbäizefügen. Mir si selbstverständlech och mat deem Projet d'accord.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Huet d'Regierung eppes bäizefügen? Den Här delegéierten Ausseminister, den Här Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.*- Här President, ech mengen de Rapport war esou exhaustiv an esou prezis, dass d'Regierung nëmme kann dem Rapporteur félicitéieren, sech och total domat averstane fillen a Merci soe fir d'Approbatioun.

M. le Président.- Merci der Regierung fir hir konzis Stellungnahme.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5393.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugehall mat 56 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider et Roland Schreiner (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5417 iwwert d'Privilegien an d'Immunitéite bei ATHENA. D'Riedezäit ass och nom Basismodell festgeluecht. Et ass bis elo ageschriwwen: den Här Goerens. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot!

5. 5417 - Projet de loi portant approbation de la Décision des Représentants des Gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil du 28 avril 2004 concernant les privilèges et immunités accordés à ATHENA

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

■ **M. Ben Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nom Vertrag iwwert d'Europäesch Unioun, Artikel 28, deen augenblécklech a Kraaft ass, sinn Ausgabe fir militäresch Operatiounen am Kader vun de Petersberg-Missiounen zu Laaschte vun den eenzelne Länner vun der Europäescher Unioun an net vum Budget vun der Europäescher Unioun, nëmmen déi administrativ Ausgabe fir esou Missiounen ginn iwwert de Budget vun der Europäescher Unioun finanzéiert.

Den 23. Februar 2004 ass dofir ATHENA geschafe ginn. ATHENA ass en Instrument fir de Finanzement vun esou militäreschen Operatiounen virzehuelen.

Den 28. Abrëll 2004 hunn d'Regierungsvertrieder eng Décisioun geholl, fir dësem Instrument ATHENA gewësse Privilegien an Immunitéiten zouzegestoen. Dëst, fir dass dat Instrument besser fonctionnéiere kann. An et ass dës lescht Décisioun, déi dës Chamber mat dësem Projet muss guttheeschen.

Ech wëll trotzdem am Kader vun dësem ganz kuerze Rapport drop hiweisen, wéi schwéierfälleg esou eng intergouvernemental Prozedur ass. Si bedéngt, wéi bei all internationale Verträge a Konventiounen, laangwiereg Ratifikatiounen an all Memberland.

Si ass awer néideg, well besonnesch déi gemeinsam Sécherheets- a Verdeedegungspolitik Eestëmmegkeet verlaangt an trotz hirem Numm eigentlech keng gemeinsam, mä eng intergouvernemental Politik ass.

Mat dësem Projet - nach eng Kéier, fir dass dat ganz kloer ass - si mer am Kader vun bestoende Vertrag, deen aus dem Joer 1992, respektiv 1997 staamt, also aus enger Zäit

wou de Wëllen, eng europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik opzebauen, nach guer net esou evident war. Sätdeem gouf et den Ustouss fir dës Politik vu Saint-Malo zwëschent Frankräich a Groussbritannien an insgesamt och de Wëlle vun der Europäescher Unioun, hir Roll fir Stabilitéit un de Grenzen am Kampf och géint den Terrorismus ze spillen.

Wann een déi nei Verfassung, déi mer jo elo amgaange sinn heibanen ze diskutéieren, kuckt, da gesäit een, dass do gewëssen Avancéëen am Hibleck op déi gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik drastinn.

Et steet emol fir d'éischt eng extra Sektoun 2 am Kapitel II iwwert d'Aussen- an d'Sécherheetspolitik dran; dat ass an deem bestoende Vertrag net de Fall. Déi sou genannte Petersberg-Missiounen ginn och ausgeweit, niewent deene Missiounen, wéi humanitär Missiounen, friddenserhalend Missiounen, Evakuatiounsmissiounen, komme gemeinsam Missiounen fir Entwaffnung, fir militäresch Berodung, Krisepreventioun, Stabilisatioun och no Konflikter an deene Länner, déi dorënner gelidden hunn. Aner Neierunge betreffen zum Beispill d'Schafung vun enger Agence fir d'Entwécklung vu Verdeedegungscapacitéiten an och eng besonnesch Zesummenaarbecht um militäresche Plang an och eng Neierung um finanzielle Plang.

Et bleift awer dat bestoen, wat elo am Vertrag ass, nämlech dass militäresch Operatiounen och nëmmen duerch d'Länner bedriwwen ginn. Dozou kënnt allerdéngs d'Méiglechkeet vun der Schafung vun engem Fong no Konsultatioun vum europäesche Parlament, fir eben e schnellen Accès zu europäesche Suen ze kréien, wa wierklech eng grouss Urgence do ass.

Mä fir den Abléck, Här President, si mer nach net esou wäit. Mir sinn hei also an enger relativ preziser Décisioun, déi mer unzehuelen hunn iwwert d'Schafung vu Privilegien an Immunitéite fir de Finanzéierungsmechanismus ATHENA. Dat gesot, als Rapporteur, wëll ech och am Numm vun der LSAP ons Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Fayot. D'Wuert huet den honorabelen Här Goerens.

Discussion générale

■ **M. Charles Goerens** (DP).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass alles gesot, duerfir brauch ech nëmme just nach den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet ze ginn. Ech wollt och dem Här Fayot Merci soe fir säi Rapport, gradewéi och dem Här Hauptert, deem ech virdrun nach net Merci gesot hat, deem säin Dank awer och gewëss ass.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Goerens. D'Regierung, den Här delegéierten Ausseminister huet d'Wuert.

■ **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*.- Ech hu weéng derbäizefügen. Ech deelen natierlech och déi Kritiken, déi expriméiert gi sinn. Ech mengen, dat ass effektiv e schwéierfällige Mechanismus a wéi déi Dispositiounen négociéiert gi waren, war Lëtzebuerg natierlech dofir fir esou wäit wéi méiglech iwwerhaapt generell Dépensen am communautaire Budget virzegesinn. Mä mir wëssen, datt et hei nach ëmmer ëm ganz sensibel Affäre geet, wou d'Länner ëmmer nach gären eng national Kontroll halen. De Präis dovunner ass, datt een eben esou ee Mechanismus muss virgesinn. Trotz allem remerciéieren ech och den Här Fayot fir säi Rapport an ech kann nëmme gutt fannen, datt d'Chamber dëse Projet approuvéiert.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5417.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5392, en Ofkommes iwwert dat militärescht an zivilt Personal an den EU-Institutiounen. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel.

6. 5392 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne relatif au statut du personnel militaire et civil détaché auprès des institutions de l'Union européenne, des quartiers généraux et des forces pouvant être mis à la disposition de l'Union européenne dans le cadre de la préparation et de l'exécution des missions visées à l'article 17, paragraphe 2, du Traité sur l'Union européenne, y compris lors d'exercices, et du personnel militaire et civil des États membres mis à la disposition de l'Union européenne pour agir dans ce cadre (SOFA UE), signé à Bruxelles, le 17 novembre 2003

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

■ **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5392, deen ech lech hei presentéieren, gouf den 9. November 2004 vun der Regierung déposéiert. Et handelt sech heibäi ëm e Projet mat engem Article unique, deen en Accord zwëschent de Memberstate vun der Europäescher Unioun regelt, deen de 17. November 2003 zu Bréissel vun eiser Regierung ënnerzeechent ginn ass.

Erlaabt mer dofir kuerz den Inhalt vun dësem Accord ze erklären. Dësen Accord ass am Kader vun der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ze gesinn. Ech menge mir haten déi lescht Woch schonns hei am Haus d'Geleeënheet, wéi den Här Ben Fayot iwwert de Militärfliiger geschwat huet, vill iwwert déi europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ze héieren. Och haut sinn den Här Hauptert an och den Här Fayot an hire Rapporte dorobber agaangen.

Och de Verdeedegungsminister Luc Frieden huet eis déi lescht Woch drun erënnert, dass mir an dësem Domän Solidaritéit bewaise mussen an och Responsabilitéiten hunn, well mer jo och hei zu Lëtzebuerg vum Friden, deen et an Europa säit dem Zweete Weltkrich gëtt, profitéieren.

Ech wëll dofir net am Detail op d'Evolutioun vun der europäescher Verdeedegungspolitik agoen, ech wëll awer nëmme just e puer wichteg Punkten ervirsträichen.

D'Vertrag vu Maastricht, Amsterdam an dee vun Nice gëllen als Eckdate vun enger gemeinsamer europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik. Dës Politik besteet, wéi mer all wëssen, aus dräi Voleten. Den éischte Volet ass d'Gestioun vun zivile Krisen, den zweete Volet ass d'Gestioun vu militäresche Krisen an den drëtten ass d'Preventioun vu Konflikter.

Den Objet vum Accord, deen dëse Projet de loi ëmsetze soll, ass d'Schafe vun engem juristesche Kader fir Militär- an Zivilpersonal, dat vun hire respektiven Heemechtslänner detachéiert gëtt.

Et handelt sech heibäi ëm Detachementer un Institutiounen vun der Unioun, u Quartiers généraux, also Hauptquartéieren, an u Sträitkräften, déi der Unioun am Kader vun der Preparatioun an Exekutioun vu Missiounen, wéi den Artikel 17, Paragraphe 2 vum europäeschen Uniounsvertrag se virgesäit, zur Verfügung gestallt ginn.

Erlaabt mer, wann am Intitulé vun engem Projet de loi schonn en Artikel zitéiert gëtt aus dem Traité d'Union, da wollt ech dat kuerz zitéieren. Also den Artikel 17 vum Traité sur l'Union européenne, paragraphe 2, deen, wéi gesot, hei am Intitulé steet, seet: «Les questions visées au présent article incluent les missions humanitaires et d'évacuation, les missions de maintien de la paix et les missions de forces de combat pour la gestion des crises, y compris les missions de rétablissement de la paix.»

Dat gesot, wollt ech nach soen, dass dësen Accord iwwert deen et haut geet, aus véier Partië besteet an 19 Artikelen. Ech wollt e puer Artikelé ganz kuerz erläutern. Zum Beispill den Artikel 2 reglementéiert d'Openthaltsgenehmigung an deene respektive Länner vun dem detachéierte Militär- an Zivilpersonal. Den Artikel 4 handelt ëm d'Validitéit vun hire Führerschäiner. Den Artikel 5 definéiert d'Modalitéiten iwwert d'Droe vun den Uniformen. Ganz wichteg sinn awer dergéint d'Artikele 7 an 8, déi de Port d'armes reglementéieren an och eng juristescht Immunitéit garantéieren an der Ausféierung vun hire Missiounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Ofschloss wëll ech nach soen, dass de Statsrot a sengem Avis vum 23. November 2004 säin Accord zu dësem Projet de loi ginn huet, och wann hie sech gewënscht hätt, dass déi jeeweileng national Autoritéit, zoustänneg fir d'Ophiewe vun der Immunitéit, wéi den Artikel 8 Paragraph 2 se virgesäit, besser oder vläicht méi kloer definéiert gi wier.

Ech hunn an der zoustänneger Kommissioun Enn Januar de schrëftleche Rapport zu dësem Projet virgeluecht, wou en unanime ugehall gouf. Dofir bieden ech lech dëse Projet och haut hei unzehuelen an ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Erlaabt mer als Ofschloss vläicht nach eng Remarque. Déi europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik wäert eis an Zukunft hei am Haus nach beschäftegen am Kader vun den Diskussiounen iwwert d'Europäesch Konstitutioun an doriwwer eraus si mer alleguer gefuerdert och dobausse bei de Biergerinnen a Bierger dëst Thema unzeschneiden, wa mer mat hinnen iwwert déi Europäesch Konstitutioun diskutéieren.

Ech soen lech Merci.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Angel. Wëllt een d'Wuert zu deem Projet de loi? Fir d'Regierung huet den Här delegéierten Ausseminister d'Wuert.

■ **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*.- Ech wëll hei dem Rapporteur Merci soen. Ech mengen, dat hei ass e Stéck an deem ganze Gebai, wat d'europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ubelaangt. Ech deelen och déi lescht Remarque vum Rapporteur, datt et wichteg ass mat de Bierger iwwert déi ganz Problematik vun der europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik notammet am Rahme vun der zukünfteger Konstitutioun ze diskutéieren.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5392.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

(Interruption)

Ech hunn 59 Jo-Stëmmen hei um Tableau stoen. Mir kucken dat no. Den Här Goerens huet par procuration fir wie gestëmmt?

(Interruptions diverses)

Ech weess et net. Et sinn der esou vill heibannen, déi net ofgestëmmt hunn, an ech hunn der awer 59 hei um Tableau stoen.

(Hilarité)

Här Goerens, Dir hutt par procuration fir wie gestëmmt?

■ **M. Charles Goerens** (DP).- Ech wollt stëmmen.

(Interruptions)

Ech konnt dat awer net feststellen.

(Hilarité et interruptions)

■ **M. le Président**.- Mir kréien elo d'Lëscht vun deenen, déi ofgestëmmt hunn am perséinlechen Numm a par procuration. Mir vérféieren dat, an da bréngen mer déi noutwendeg Korrekturen un, déi unzëbréngen sinn op Grond vun de Reklamatiounen vun dem Här Fayot, dem Madame Mutsch, dem Här Goerens an all deenen, déi net ofgestëmmt hunn, déi awer hei um Tableau figuréieren als ofgestëmmt ze hunn.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch,